Letzebuerg, den 10. September 1989

Léw Geschwester a Familjen vun onsen ongléckleche Komerodinnen a Komeroden dénen mir haut hei gedénken,

Dir Dammen an Dir Hären,

Wärt Frënn a Sympatisanten vun den edf,

Komerodinnen a Komeroden,

1989 ass d'Joer vun den Erönnerongsfe'eren!
150 Joer Onofhängegkeet vun onser Hémecht,
an haut den 10. September sin et 45 Joer hir dass onst Land no 4 schreckleche Joeren vum Naziterror duerch d'Allieiert nés befreit gow.

Zwé glécklech Anniversairen, dénen géint iwer awer och de fatale 50ten Anniversaire vum Ausbroch vum 2te Weltkrich steet.

Des Erönnerong bleiwt jhust fir ons Zwangsrekrutéiert dee batterste Souvenir on onsem Liewen. Mam Iwerfall vu Polen war d'Feier fir de Weltbrand geluecht, d'Besetzung vun onsem Land onausweichlech an d'Verschléfung vun Letzebuerger a Prisongen, Kazetter an Deportatioun, a seng Jugend op d'Schluechtfelder, virprogramme'ert.

Bei dene famesen Centenairefeieren vu 1939 ware mir als jonk Meedercher a Jongen aktif mat derbei ohni zu wessen wat schon e puer Joer derno op ons géw erabréchen. Onbewosst gowe mir duerch des Feieren mat Patriotismus an Hemechtsgefiller opgeputscht dé ons spéder a kritesche Situatiounen gehollef hun vill Schwieregkeeten ze iwerwannen, de Courage net ze verle'eren an de Kapp net hänken ze lossen.

Deier hu mir, mat Dod, Verwondung a Krankheeten, misse bezuehlen, dass mir de Pech haten an de Joeren 1920 bis 1927 d'Licht vun der Welt erbléckst ze hun.

Mé wé 3500 vun dénen ronn 12000 Visé'erten hun hir Hémecht net me' erem gesinn, an dest trotz massiver Desertatioun.

Ons Komerodinnen a Komeroden waren a Prisongen a Kazetter, waren aktif bei den allie'erten Arme'en, waren am franzesche Maquis, am Ennergrond an an der Armée Blanche, hu sabote'ert a sin iwergelaf, hun de Kapp duergehalen, sech fir aner an hir Famill geaffert.

Ons Generatioun huet den héchste Blutzoll bruecht, gow krank a mutile'ert, a bleiwt zeitliewens u Gesondheet benodélegt.

Haut hei op deser Plaz erönnere a gedenke mir émol am Joer, un des vill dausend Letzebuerger dei dirt Liewen riske'ert hun fir d'Hémecht.

Um dei, ~~D~~ei mat hierem Verhalen an Asatz dozo beigedroen hun, dass ons Land, wat virun 150 Joer net duerch de Wölle vun Letzebuerger, mä duerch d'Gerangelst teschent den Nopeschlänner entstanen, zu enger wirklecher Natioun zesummegewues ass. Duerch ons, zesumme nat déne villen gudde Patrioten dei sech beim Generalstreik 1942 em hir Jonge gestallt hun, ass de Begrëff Hémechtléift erescht richteg bewosst ginn.

An zesummegeschwéest gow ons Volleck erescht richteg wei é sech fir dén anere geaffert huet. De Passeur fir e jonkt Liewen dem Preis ze entreissen, d'Familjen dei Jongen a Meedercher verstoppt hun, d'Resistenzler dei fir de Ravitaillement, d'Stoppen an d'Bunkeren gesuergt hun.

Hei gow wirklech Hémechtsléift a Vollekstrei praktize'ert. Heimadde gow d'letzebuerger Natioun gefestegt, erhalen an zudém gemaach wat sie haut no 150 Joer ass.

Awer ass dat op ewech Zeiten garante'ert? Brauch haut an dém Sënn kén Effort mei gemaach ze ginn? Géht den Affer vun démols duer a kann en esoguer vergiess gin?

Dierf a kann d'Partizipatioun un deser Gedenkfeier vu Joer zu Joer ofhuelen? Kennen dei offiziell Delegatiounen zesummeschrumpfen? Enner wat fir engem Virwand oder Excuse och emmer?

Demols, ~~mé wé~~ an de batterste Joeren, gow d'Léft zu onser Dynastie hechgehalen an dokumente'ert durch d'Bild vun onser Grossherzogin Charlotte am Portefeuil vum Zwangsrekrute'erte verstoppt.

De rod weis bloe Bändchen war d'Zéchen vun onser Natioun a sollt onse Pass si beim Iwerlafen an bei den Allie'erten.

De Rosekranz an der Hand an der Boxentesch war ons Hoffnung, onse Glaw, ons Höllef a Stärkt fir auszehalen, net ze verzoen an trei ze bleiwen.

Sinn des Wärter haut no 45 Joer nach emmer de selwecht? Oder anescht gefrot: gëtt vun dénen responsabelen a zostännegen Instanzen alles ennerholl fir dass an desen Zeiten vun selbstverständlecher Freiheet an Iwerfloss des Wärter, dei de Grondsteen vun onsem Volleck sin, erhale bleiwen an ons Jugend sech deses bewosst ass?

Ass ons Jugend vu muer genau eso bereet wé mir et waren bei enger nächster Katastrof, fir ons Dynastie, fir ons Natioun, fir onse Glaw sech ze afferen an én dém aneren, ohni Rücksicht op de Risk vu sengem Liewen ze höllefen?

Mir, d'Zeien vun dese schrecklechen Zeiten, dénen hir Reien emmer mé kleng gin, wöllen eis net schölleg machen, dass des Wärter verfalen a vergiess ginn. Dass dee vill Letzebuerger vergiess ginn, dei fir des Idealer an den Dod gange sinn oder hir Gesondheet geaffert hun.

An dofir sti mir haut hei, fir dest ze beweisen. An et freet ons an dét ons net verzo'en, dass och jenger Generatiounen mat ons hei stinn.

Kanner a Geschwester vun onse "Morts pour la Patrie". Jugendlecher vun haut!

Vleit net a genügend grosser Zuel. Vleit fehlt och muncher én, dén misst hei sin. Et ass emmer licht eng Excuse fir sei Fehlen ze fannen. Aner wöllen hei sin awer kennen net, hir Gesondhet le'sst et net mei zo!

Mir bedaueren aussergewénlech dass de Grand Duc Jean net un deser Commemoratiounsfeier dél helt, wo eso vill vun ons mat hire leschte Wieder "Vive ons Grossherzogin" hirt Liewen hirginn hun. Sei Representant dé Colonel Louaraire Germain Frantz, selwer Zwangsrekrutéierten begreissen ech ~~heimadd~~e a wär fro'h wann ons Iwerle'hungen a Gedanken kennten iwerbruecht gin.

Wann ech virdrun meng Satisfactioun ausgedréckt hun iwert d'Présence hei vun jënger Generatiounen frét et ons alleguer ganz besonnech d'Madame Erna Hennicot Schoepgen, nei gewielte Chamberpresidentin ze begréissen. Trotz hire villen Engagementer si mir hir se'er dankbar, dass sie als eschte Bierger vum Land d'Relève vum fre'ere Chamberpresident Léon Bollendorf, de' Joer fir Joer bei eis hei stung, geholl huet, an als Vertriederin vun der jënger Generatioun duerch hir Präsenz hei documente'ert, dass de Calvaire an den Affer vun der Kriegsgeneratioun net vergiess ass an virun allem net soll vergiess ginn.

Och sin mir am Num vun onsen ongléckleche Komerodinnen a Komeroden dem Här Staatsminister Jacques Santer dankbar fir all seng Présenzen hei, wann et him persénlech méglech war oder dass hien sech duerch a Minister Kolleg vertriede geloss huet. Eso si mir duebel fro dass dest Joer sei Representant jhust de Minister Jean Claude Junker bei ons délegue'ert gin ass. Hien, dén d'Problemer an d'Affer vun der Jeunesse Sacrifiée aus éschter Hand kenne gele'ert huet, vue dass sei Papp, seng Monnien, kurz ganz Famill Junker d'Follegen vun der

Regierung drop gehalen huet →



Zwangsanze'ung um egene Leif erliewt hun.

Hien ass bestömmt e gudde Garant, dass wann och ké mei vun der geafferter Generatioun me' do ass hiert Undenken weider bestoe bleiwt.

Awer och dem Minister Jacques Poos, soe mir merci, dass hien als Vice-premier vun der ~~An och de Minister Steichen dréckt~~ duerch seng Participatioun hei d'Sympathie, d'Unerkennung an de Respekt fir ons "Morts pour la Patrie" aus ze drécken.

Onse Merci ass hieně gewöss, wé mir och all den Hären (a Komeroden) Depute'erten (a Gemengerot) merci soen, dei sech Zäit huelen fir un deser nationaler Commemoratiounsfeier deelzehuelen.

E speizelle Merci un den Här Erzbeschof Hengen an den Här Rabiner Bulz, dei Joer fir Joer bei ons kommen, oder sech offiziell vertriede lossen, wann et nun emol net géht. Rosekranz - Glaw an Oktafmass waren oft dat Lescht un dat sech ons Komeroden, awer och hir onglécklech Eltere klammere konnten.

Merci och de staatlechen a gemengen Autoriteiten, hiere Vertrieder dei duerch hir Präsenz net nemmen hir Sympathie de verstuerwen an liewenden edf ausdrécken, mä awer och behölleflech sin fir dass des Journée op alle Pläng wierdeg a schén kann oflafen.

E wärmste Merci awer och all onse Frenn aus der Resistenz, an hire Vertrieder, den Umgesiedelten, ~~den Auslandskombattanten~~, de Maquisarden, den Anciens Légionnaires dei haut hei bei ons sin. Vill hun hire Beschte sin net mei ennert ons. Muncher engem seng Gesondheet erlabt him net mei heihin ze kommen. Och hinnen sollen haut eis Gedanke göllen. Zesumme wölle mir weisen, a speziell de jëngere Generatiounen, dass dei Solidariteit dei a schwe'erster Zeit gebuere gow, haut weider besteht. D'Freiheet an staatlech Onofhänglechkeet, de' esovill haut als selbstverständ-lech betruechten, konnt awer nemmen erem gewonn gin, well genuch Letzebuerger ~~do~~ bereet waren fir dem Ennerdrecker Stier ze bidden, Jongen a Meedercher vun démols ennert dem Asatz vun hirem Liewen dem d'Preis ze entreissen, an d'Hémechtsléft zum letzebuerger Land iwert d'Grenzen an d'Mieren ewech bekanntgemat hun.

Zum Schluss vun de Mercien awer och all dénen Merci, dei mathöllefen des wierdeg Ceremonien ze realiseieren: Der Garnisounsmusek ennert der Lédong vum edf Josy Comes; dem Clairon d'honneur Johny Schmitt, den nie ka refuséeren wann et héscht d'Undenken vun allen Kriegs- an Naziaffer opliewen ze loossen; der Chorale vun den edf, der Polizei an der Press, dem Radio an der Televisioun, all onse Sympathisanten an iech lew Komerodinnen a Komeroden.

Gewöss fehlen der vill, dei haut och missten hei sinn. Net wéns eis, den Iwerliewenden, mä fir dei, déne mir haut gedenken. Wéns dénen dei net mei hei könne sin; mat dénen och sie gestridden a gelidden hun, froh, glecklech a batter Stonnen zesummen erliewt hun. Wo sie fleit eng Ke'er gesot a geschriwwen hun, sie géwe se nie vergiessen awer haut licht eng Entschöllegung fannen fir net brauchen hei ze sin.

Mir awer de' hei stinn, wöllen ons Pflicht erföllen a weisen, dass mir sie net vergiess hun. Weisen, dass d'Undenken un hieren Affer erhale bleiwt. De' kommend Generatiounen solle wëssen, dass et émol Letzebuerger gow, de Hab a Gudd op Spiel gesat hun, dei hirt Liewen riske'ert hun fir aner ze höllefen, dei hirt Liewen fir d'Hémecht gin hun, an dat alles fir dass Letzebuerg als freien onofhängeche Staat an enger freier Völkergemeinschaft ka weider ble'en. Dat soll an dierf net vergiess gin, an dat ass de Sënn an Zweck vun der Journée Commémorative vun den edf.